N°8225
Entrée le 10.08.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 10.08.2023

DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Lëtzebuerg, de 10. August 2023

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung an den Här Minister fir Aarbecht, Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft weiderzeleeden:

*„Et ass gewosst, datt et méi schwéier gëtt, fir Saisonsaarbechterinnen an -aarbechter ze fannen, déi am Déngscht vun der Landwirtschaft, dem Wäibau an dem Ubau bzw. der Recolte vu Geméis stinn. D'Betriber sinn dacks op Aarbechtskräften aus Drëttstaaten ugewisen, well et bannent der EU ëmmer méi schwéier gëtt, fir disponibel Leit ze fannen.*

*An deem Kontext wollt ech den Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung souwéi den Här Aarbechtsminister Folgendes froen :*

*1. Kann den Här Landwirtschaftsminister iwwer déi spezifesch Situatioun bei der Saisonsaarbecht informéieren? Gëtt et do Zuelematerial? Wat fir eng Betriber hunn traditionell déi meeschte Schwieregkeeten?*

*2. Ass den Här Aarbechtsminister bereet, fir d'Prozeduren, déi d'Ustellung vu Saisonsaarbechter reegelen, ze vereinfachen - dat awer am volle Respekt vun eisem nationalen Aarbechtsrecht?"*

Mat déiwem Respekt,

André Bauler
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

**Gemeinsam Äntwert vum Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung an dem Här Minister fir Aarbecht a Beschäftegung a fir Sozial-a Solidarwirtschaft op d'parlamentaresch Fro n° 8225 vum 10. August 2023 vun dem éierewäerten Deputéierten Här André Bauler**

1. **Kann den Här Landwirtschaftsminister iwwer déi spezifesch Situatioun bei der Saisonsaarbecht informéieren? Gëtt et do Zuelematerial? Wat fir eng Betriber hunn traditionell déi meeschte Schwieregkeeten?**

   De Landwirtschaftsministère a seng Verwaltungen hu keen Zuelematerial. Saisonsaarbechter ginn haaptsächlech am Wäibau, Uebstbau a Gaardebau gebraucht. Also a Kulturen, wou vill Aarbechten net kënne mechaniséiert ginn, wéi beispillsweis d'Recolte vum Uebst a Geméis, der Lies vun de Qualitéitswäiner, oder de Wanterschnatt vun den Uebstbeem an de Riewen. Et handelt sech ëm punktuell Aarbechtsspëtzen, déi di betraffe Betriber dann ouni Saisonnière net gemeeschtert kréien.

   Um Landwirtschaftsportal (https://agriculture.public.lu ) si wichteg Informatiounen zu dësem Thema fir d'Betriber zesummegestallt.

2. **Ass den Här Aarbechtsminister bereet, fir d'Prozeduren, déi d'Ustellung vu Saisonsaarbechter reegelen, ze vereinfachen – dat awer am volle Respekt vun eisem nationalen Aarbechtsrecht?**

   D'Vereinfachung vun de Prozeduren ass ëmmer e Sujet, dee wichteg ass. D'Simplification administrative dierf dobäi keen negativen Afloss op d'Rechter vun de Saisonsaarbechter, Aarbechter déi sécherlech méi vulnerabel si wéi Salariéen an engem anere Statut, hunn. An deem Sënn huet den Institut viti-vinicole (IVV) zesumme mat der ITM och Informatiounsversammlungen organiséiert, fir datt d'Wënzer iwwert d'Prozeduren, déi d'Aarbeschtsrecht betreffen, informéiert sinn. Zudeem gouf zesumme mat der ADEM en Jobday organiséiert, fir d'Vermëttlung vun Aarbeschtssichenden u Wënzer- an Uebstbaubetriber ze ennerstëtzen. Fir Saisonsaarbechter ass och d'Prozedur am Kader vun der Aarbechtsmedezin vereinfacht ginn.

Lëtzebuerg, den 6. September 2023

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,

(s.) Claude HAAGEN